ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 10. Mee 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Mir gouf vun enger Rei Persounen, déi méi dacks mam Zuch fueren, zougedroen, datt op ville Garen och zu deenen Zäiten, wou den Zuchverkéier normal leeft, d'Toiletten zougespaart sinn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister:

1. Kann den Här Minister déi uewe genannten Informatioun confirméieren?
2. Wa jo, wat sinn d'Grënn, datt op verschiddene Garen d'Toiletten och zu deem Ament, wou den Zuchverkéier normal fonctionéiert, zougespaart sinn? Huet d'CFL Problemer mat der Gestioun vum Personal, wat sech ëm den Ënnerhalt vun dësen Toilette këmmert? Kann den Här Minister zousätzlech opschlësselen, ëm wéi eng Garen et sech heibäi handelt?
3. Wat gedenkt den Här Minister ze ënnerhuelen, fir dëse Problem elo zäitno ze léisen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten